Informatiounsblatt iwwer eis Gemeiskief an Solawi



Solidaresch Landwirtschaft (Solawi)

Wat ass dat?

Eng Solawi ass eng direkt Partnerschaft tëscht dem Produzent an dem Konsument. De Konsument oder och Member genannt engagéiert sech vir eng Saison a bezilt dës am Viraus. Dës Préfinanzéierung garantéiert dem Produzent e stabilt Akommes an hëlleft him, besser ze plangen. Am Géigesaz dozou weess de Konsument genee, wou séin lessen hierkënnt, wéi a ween et produzéiert huet, wat fir Transparenz a Vertraue suergt.

Wat kriss du, als Member?

- **Ee Geméis-Kuef:** All Woch kriss du frëscht a saisonaalt Geméis direkt vum Feld.
- **Grouss Auswiel:** Du kriss iwwert d'Joer verdeelt iwwer 40 verschidden Zorte Geméis.
- **Perséinleche Bezuch an Transparenz:** Du kenns den Haff an d'Equippe perséinlech. Du weess wou däi Geméis hierkënnt a kanns zu all Moment deng Froe stellen.

Wéi schaffe mir?

- **Ouni Chimie :** Mir benotzen näischt Chemesches. Mir schaffe mat engem gesonden a liewege Buedem.
- **Schounen d'Natur:** Mir passen op eis Ressourcen op a schaffen an enger Kreeslafwirtschaft. Mir engagéieren eis och d'Biodiversitéit ze fuerderen.
- **Manner Offall:** Och eng kromm Kornischong schmaacht super a kënnt mat an de Kuef.

Haff Wandelbléi S.à.r.l.-S | Siège: 20, Am Hënneschteneck, L-9151 Eschduerf
Tél. : 621 614 822 | TVA: LU 378 76 66
E-mail : info@haffwandelblei.lu

Wat bedeit et Member ze sinn?

- **Transparente Loun:** Däi Bäitrag dréit dozou bei, enger Persoun vun eis den Mindestloun ze bezuelen, wat en éischte Schrëtt a Richtung méi fair Aarbechtskonditiounen ass. Well mir keen ze héije Preis vir d'Kierf froen wëllen, bléiwt dësen Loun den Moment beim onqualifizéierten Mindestloun an doriwwer hinaus leeschte mir selwer vill Bénévolatsaarbecht. Dofir ass all Hëllef am Gaart wëllkomm: Wann‘s du Loscht hues, och emol eng Hand mat unzepaken, da mell dech gäre bei eis.
- **Solidaritéit:** Mir deelen d'Käschten, d'Recolte an och de Risiko. Jidderee bezilt e faire Bäitrag.
- **Eng schéi Gemeinschaft:** Dir drot dozou bei, dass lokal Aarbechtsplazen an ee dynameschen Uert, wou d'Leit zesummekomme kënnen, geschaaft gëtt.

Firwat bezillt ee prinzipiell alles am Ufank vun der Saison?

- **Sécherheet fir de Bauer:** De Bauer brauch d'Suen direkt am Fréijoer, fir Som, Handwierksgeschier an d'Léin ze bezuelen, nach ier dat éischt Geméis iwwerhaapt wiisst.
- **Deele vu Risiko:** Wann d'Recolte duerch schlecht Wieder méi kleng ausfält, geet de Bauer net Faillite, well d'Käschte vum Haff scho gedeckt sinn. D'Gemeinschaft dréit de Risiko an d'Freed vun der Recolte a vum Iwwerschoss zesummen.
- **Onofhängegkeet:** Ouni den Drock an d'Variabel vum Grousshandel an ouni grouss Bankkrediter kann sech den Haff ganz op eng natierlech an nohalteg Produktioun konzentréieren.

  → *Bei Bedarf kann an **Tranchen** bezuelt oder een **sozialen Tarif** ugefrot gin. **Zesummen fannen mir eng Léisung.***

  → *Mir sin frou fir all **Spend**, déi et eis et erlaabt en **sozialen Tarif, fir een Member** vun der Gemeinschaft, **ze finanzéieren**. Heifir kënnt dir einfach een Don mam Vermierk “**Don Tarif Social**” maachen.*

Praktesch Informatioune fir d'Saison:

- **Wéilaang kréien ech ee Geméiskuef?**
  D'Saison leeft vun **Enn Abrëll / Ufank Mee bis Enn November** (ronn 30 Wochen): Jee no Wiederlag, kann d'Saison éichter Ufänken, mei spéit Ophalen oder och emgedréint.

- **Wat ass a mengem Kuef dran?**
  All Woch kriss Du e variéierte Kuef mat **5 bis 10 verschiddenen Zorte Geméis**. Wat dran ass hänkt vun de Joerszeiten of.

  E puer Beispiller:

  - *Fréijoer: Blatgeméis, Zaloten, Kraider, Radéischen, Mangold…*
  - *Summer: Tomaten, Zucchini, Paprika, Concomber..*
  - *Hierscht: Kürbissen, Kabes, Porretten, Wuerzelgeméis…*

Haff Wandelbléi S.à.r.l.-S | Siège: 20, Am Hënneschteneck, L-9151 Eschduerf
Tél. : 621 614 822 | TVA: LU 378 76 66
E-mail : info@haffwandelblei.lu

- **Wéivill kascht mäin Kuef?**

Variant / Optioun	Liwwerfrequenz	Präis pro Woch / Kuerf	Präis pro Joer (Saison)
Wéchentleche Geméiskuef	All Woch 1 Kuerf	41,6 €	**1.250,00 €**
All 2. Woch	All zweet Woch 1 Kuerf	41,6 €	**625,00 €**

- **Wou kann ech mäi Kuef ofhuelen?**
  Bei eis zu Eschduerf am Gaart: Um Réider, L-9151 Eschduerf (de Feldwee ran)

- **Wei transportéieren ech mäi Geméis?**
  Du bréngs entweder däin eegene Behälter/Këscht mat oder mir stellen dir eng Këscht zu Verfügung (15 Euro Pfand, den s' du um Enn vun der Saison zréck kriss.)

- **Wat maachen ech wann ech keng Zeit oder an der Vakanz sinn a mäi Geméis net ka siche kommen?**
  An dësem Fall, kanns du eng aner Persoun schécken.

- **Kann ech meng Memberschaft wärend der Saison kënnegen?**
  Eng Kënnegung esou wéi ee Remboursement wärend der Saison ass, à priori, net méiglech. Du kanns awer gären en Ersatz sichen, deen däi Kuerf iwwerhëlt.

- **Hues du nach Froen?**
  Schréiw eis gären eng Mail: info@haffwandelblei.lu



Mat léiwe Gréiss,
D'Equippe vum Haff Wandelbléi

Haff Wandelbléi S.à.r.l.-S | Siège: 20, Am Hënneschteneck, L-9151 Eschduerf
Tél. : 621 614 822 | TVA: LU 378 76 66
E-mail : info@haffwandelblei.lu